

Noschlowierk fir Genealogen

Historiker Prosper Kayser stellt seng Familljchronik vir



Kanech. De 27. November huet den Historiker Prosper Kayser am Sport- a Kulturzentrum „A Wëlles“ zu Kanech d'Familljchronik vun der Gemeng Lenneng virgestallt. Dës Familienchronik vun der Gemeng mat Kanech, Lenneng, dem Kaffishaff, Hakenhaff, Scheierhaff, dem Haff Beyerholtz an dem Haff Eylerei ass en Noschlowierk fir Genealogen a fir jiddereen, den e familiäre Kontakt mat dësen Uertschaften huet. A sengem Wierk iwver Lenneng huet de Prosper Kayser d'Awunner vun der Gemeng vun ëm 1675 bis 1923 zesummegefaasst. Et sinn am ganzen 21 795 Persounen an enge 4 796 Familljen. D'Wierk ëmfaasst déi meescht Awunner vun der Gemeng, wéi hir Elteren, Kanner an och Familljememberen. Sou ginn och Familljemembere mat abezunn, déi net an der Gemeng gewunnt hunn. Mat dësem 25. Band vu senger Familljchronike wäert de fréieren Anästhesist iwwerdeems mat senger genealogescher Aarbecht ophalen. (Romain Goergen via mywort.lu)